Lëtzebuerger Guiden a Scouten

#ScoutenDoheem

# SELWERGEMAACHTEN SONNEBRËLLESCHEEK AUS MËLLECHKARTRONG

RaRo Lëtzebuerg

**Wat s du brauchs**

- Ee Mëllechkartrong
- eng Schéier
- eng Lachzaang
- ee Bleistëft
- Lastik
- Woll oder Kordel
- eng Nool
- eventuel Perelen fir ze dékoréieren



**Wat s de elo maache muss**

1. Vir d'eicht de Kartrong gutt ausspullen an dann den Deckel an de Buedem ofschneiden. De Kartong muss elo gutt gekniet ginn an no enger Zäit kann een di bedréckte Säit vum Kartrong erof zéien. Domat huet de Kartrong eng naturbeloossen an eng sëlwereg Säit. Lo sollt dir de Sonnebrëll eemol an den TetraPack awéckele fir ze kucken ob et vum Material hier duergeet.
2. Lo mussen d'Ecken ofgeronnt ginn. Uschléissend sollt dir iech mam Bläistëft opzeechne wou är Scheek soll opgoen (eng diagonal Linn) an dann den Kartrong sou schneide wei um 5. Bild.
3. Dono kennt der entweder mat enger Lachzaang oder engem Locher Lächer ronderëm maachen an da mat enger Kordel oder Woll verbannen.
4. Als lescht kennt lo nach den Lastik uewen dran dass een seng Scheek kann zoumaachen an fäerdeg ass eis Sonnenbrëllenscheeck.
5. Ënnert folgendem Link fannt dir och nach eng flott Beschreiwung fir iech zousätzlech zur Brëllescheek nach een Kabelorganiser ze bastelen. http://the-purple-frog.blogspot.com/2019/02/diy-brillenetui-upcycling-aus-tetra-pack.html

Vill Spaass beim nomaachen



Lued eng Foto vun denger Aktioun op **lgs.lu/scoutendoheem** erop.